# WELTKANNERDAG ZU LËTZEBUERG: E PUER FAKTEN



*„Mir wollten de Kanner a Jonken eng Plattform bidden, wou si sech ausdrécke kënnen, souwéi hinnen eng Méiglechkeet ginn, sech fir aner Kanner z'engagéieren", erklärt d'Sandra Visscher, Direktesch vun UNICEF-Lëtzebuerg.*

D'Cathy an de Max aus dem Lycée classique vun Dikrech haten och bei RTL Télé Lëtzebuerg e groussen Optrëtt an der Sendung "Live! Planet People", wou si iwwert hiren Engagement fir d'Kannerrechter geschwat hunn.

Si hunn erzielt wéi si, zesumme mat anere Jonken aus der Optioun "Solidarité", eng Rei Aktiounen fir Flüchtlingen an hirer Gemeng organiséiert haten. Eng Erfahrung, déi hinne selwer och vill zréck ginn huet.

Mir fannen dat TOP.

## De Weltkannerdag zu Lëtzebuerg an Zuelen

+20 Unzuel un Aktivitéiten

75 Unzuel u Kanner, déi bei RTL matgemaach hunn

7 Unzuel u Schoulen a Lycéeën, déi matgemaach hunn

+2500 Unzuel u Kanner a Jonken, déi bei alle Mënschekette matgemaach hunn

2 Ministeren: de Premier Xavier Bettel an den Educatiounsminister Claude Meisch

1 D'gesamt Redaktioun vun RTL Lëtzebuerg huet matgemaach

10 Zeitungsartikelen iwwert de Weltkannerdag

+1500 Fotoen, déi deen Dag gemaacht goufen

54 Unzuel vun den Artikelen an der Kannerrechtskonventioun


# WELTKANNERDAG ZU LËTZEBUERG: RTL LËTZEBUERG



## Grondschoul "Ärenzdall"

75 Kanner aus der Grondschoul "Ärenzdall" ware bei RTL Radio Lëtzebuerg, fir d'Antenn ze iwwerhuelen. Si hunn ennert anerem eng Carte blanche iwwert d'Kannerrechter gemaacht, Lidder annoncéiert, Witzer erzielt a kleng Reportage geschwat.

D'Equipe vun RTL huet de jonken Présentateure super gehollef, sou datt net nëmmen d'Kanner, mee och hir Rechter dee ganzen Dag am Mëttelpunkt stoungen.












## Table ronde mam Claude Meisch

D'Kanner vum SaKaRo, dem Sandweiler Kannergemengerot, hunn dem Educatiounsminister an enger Table ronde net nëmmen hir Froen zum Thema Educatioun gestallt, mee et waren och e puer perséinlecher dobäi. De Minister Meisch huet seng Prüfung gutt bestanen.

# WELTKANNERDAG ZU LËTZEBUERG: UERCHTERT D'LAND






## Interview mam Premier Minister Xavier Bettel

17 Kanner aus der "Ärenzdall"-Grondschoul haten eise Premier Xavier Bettel fir en Interview gebieden. Si hu mat him iwwert seng Aarbecht, seng Kandheet, d'Kannerrechter an eng ganz Rei vun aneren Themen, déi si beschäftegen, geschwat.

E grousse "Like" vun eis.

## Mënscheketten fir eng Educatioun a Nousituatiounen

Eng ganz Rei Schoulen a Lycéeën hunn sech och fir de Weltkannerdag solidaresch mat de Kanner an hire Rechter gewisen an hunn hier eege Mënscheketten organiséiert. Domadder hunn si e staarkt Zeeche gesat fir eng Educatioun a Noutsituatiounen, an deenen d'Schoul genee esou wichteg ass wéi Iessen, Waasser an Impfungen.

Dat huet net nëmmen super ausgesinn, mee et war och nach en immense Geste fir all aner Kanner a Jonker op der Welt.


Lycée technique du Centre aus der Stad


Lycée classique vun Dikrech


Ecole Privée Sainte-Anne vun Ettelbréck


Grondschoul vu Stroossen

D'Grondschoul vu Nidderaanwen an d'Ecole de la deuxième chance aus der Stad hunn och matgemaacht.

> *"All 4. Kand, wat net an d'Schoul geet, lieft an engem Land, wat vu Krich oder Naturkatastrophe betraff ass."*


Grondschoul vu Munneref

© UNICEF-Lëtzebuerg 2017

# DE WELTKANNERDAG ZU LËTZEBUERG

### ET WAR E FLOTTEN DAG MAT ENGEM EESCHTE MESSAGE.




Weltwäit hunn den 20. November d'Kanner an déi Jonk de Kommando iwwerholl. Och zu Lëtzebuerg. An dat a verschiddene Rollen an de Beräicher vun de Medien, der Politik, souwéi enger Rei Schoulen. Zesummen hu si op déi wichtegst Erausfuerderungen vun hirer Generatioun opmierksam gemaacht.

De Benoît, 11 Joer, huet mam Dan Spogen d'Sendung "Top Thema Magazin" op RTL Télé Lëtzebuerg moderéiert. Zesummen hunn si ënnert anerem e Reportage iwwert d'Educatioun fir syresch Flüchtlingskanner a Jordanien, fir deen eng Equipe vun UNICEF-Lëtzebuerg op d'Plaz war, annoncéiert.



De Benoît war net eleng am Asaz. Mam Amalia, 12 Joer, hat hien eng tatkräfteg Kollegin, déi als Journalistin am Kino ënnerwee war. Hatt huet sech d'Première vum neien Disney-Film "Coco" ugekuckt an huet dono mat anere Kanner driwwer geschwat.

unicef JOURNÉE MONDIALE DE L'ENFANCE